N° 6102
Reçue le 01.06.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

Le Ministre des Communications
et des Médias

**Äntwert vum Här Xavier BETTEL, Kommunikatiouns- a Medieminister op d'parlamentaresch Fro N° 6102 vum 26. Abrëll 2022 vum Här Deputéierten Fernand KARTHEISER iwwer "Accord Privacy Shield entre les États-Unis et l'Union européenne"**

Wat d'Mechanisme fir d'Iwwerdroung vu perséinlechen Donnéeën an Drëttlänner ugeet, besonnesch an d'Vereenegt Staaten, wéi och den Impakt vun den Urteeler vum 6. Oktober 2015 a vum 16. Juli 2020, verweisen ech den honorabelen Deputéierten sech op d'Äntwerten op déi parlamentaresch Froen N° 2574 vum 22. Juli 2020 an N° 4247 vum 10. Mee 2021 ze bezéien. Zousätzlech zu den Transfertsinstrumenter déi de néidege Schutzniveau vu perséinlechen Donnéeë garantéiere sollen, huet de Comité Européen de la Protection des Données („EDPB" op Englesch) am Juni 2021 Recommandatiounen[1] zu complémentaire Mesuren dozou adoptéiert. Am Februar 2022 huet den EDPB och Richtlinnen[2] zu de Codes de conduites fir d'Transferte publizéiert.

Am "Prinzipienaccord", deen de 25. Mäerz 2022 vun der Präsidentin vun der europäescher Kommissioun an dem Präsident vun de Vereenegte Staaten ugekënnegt gouf, geet et haaptsächlech em déi regulatoresch Reformen, déi solle bezwecken, op amerikanescher Säit de selwechten Niveau u Garantien z'erreechen, fir dass eng néi "Décision d'adéquation" am Sënn vum Artikel 45 vum RGPD geholl ka ginn. Och wann dësen Accord eng wesentlech Etapp markéiert, musse virun der Adoptioun vun enger neier "Décision d'adéquation" vun der Europäescher Kommissioun elo nach eng Rei Schrëtt erfollegen. Fir d'éischt mussen déi ugekënnegt amerikanesch regulatoresch Reformen ëmgesat ginn. Dës ginn dann vun der europäescher Kommissioun sou wéi engem Comité deen duerch den Artikel 93, Paragraph 2, vum RGPD etabléiert gouf, evaluéiert. De Mechanismus vun de "Décisions d'adéquation" favoriséiert d'Zirkulatioun vun den Donnéeën sou wéi fir d'Stabilitéit vun den transatlanteschen Transferte vun Donnéeën. Dës Transferte sollen am Respekt vum europäesche Recht stattfannen, wéi dëst vum europäesche Geriichtshaff interpretéiert gëtt.

Lëtzebuerg, den 1. Juni 2022
De Kommunikatiouns – a Medieminister
(s.) Xavier Bettel

[1] Recommandations 01/2020 : https://edpb.europa.eu/our-work-tools/our-documents/recommendations/recommendations-012020-measures-supplement-transfer_fr
[2] Lignes directrices 04/2021 : https://edpb.europa.eu/our-work-tools/our-documents/guidelines/guidelines-042021-codes-conduct-tools-transfers_fr